Jonglënster, de 24. September 2024

# 10. Reunioun – Rapport

**23. September 2024 – Jugendhaus Jonglënster**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch d’Présidence un d’Membere vun der Kommissioun an un de Schäffe Gilles Baum

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapporte vun der 9.Sëtzung ass approuvéiert ginn.

## 4) Seefekëschterennen

- Den Devis vum Bauer fir d'Botten ass vum Schäfferot approuvéiert ginn. Dëst sinn engersäits 100 € fir d'Bréngen an d'Ofhuele vun de Botten. Anersäits 2 € pro Bott déi mir benotzen. Mir rechne mat 100 Stéck déi mir brauchen, dëst bedéngt dass mir déi ganz Stréck op zwou Säite Botte wäerte setzen. Bedéngt doduerch dass de Bauer deen Dag Silo virgesinn huet, waërte mir schonn um 8 Auer Moies ufänken. D'Afaarte vun den Haiser loosse mir dee Moment nach fräi. Owends wäerte mir d'Botten alleguerten uewen am Rond-point op der Wiss stockéieren an dës gi Sonndes erëm opgelueden.

- Den Devis vum Gedrénksbuttek Weber ass vum Schäfferot gutt geheescht ginn. Dëse stellt seng Remorque entweder Donneschdes oder Freides Mueres schonn dohin. Vun der Kommissioun wäert dee Moment een op der Plaz sinn an dem Elektriker vun der Gemeng Bescheed soe fir de Stroumuschloss. D'Jugendhaus bréngt hier Zelt mat a këmmert sech dee Moment och ëm de Service. De Benefice vum Gedrénksstand ass och fir d'Jugendhaus. Dëst ass esou vum Schäfferot approuvéiert ginn.

- Fir d'Bänken an Dëscher krute mir vun der Gemeng den Accord awer nach keng wieder Detailer. Dëst wäert awer kee Probleem sinn.

- Et si 14 Tshirts an de jeeweilege Gréisste bestallt ginn, dëst fir dass all Streckeposten an Organisateure kloer visibel fir d'Leit sinn.

- Hannert d'Botte wäerten déi sougenannte „Policegittere" gesat ginn. Hei wäerte mir Ënnerstëtzung vun de Gemengenaarbechter kréie fir dës ze setzen.
- An der Kommissioun gëtt ee genaue Planning gemaach mat all den Tâche wéi zum Beispill: Guichet, Streckeposten, Moderator, Zäitchrono, etc.

- De 24.September wäerten zwee Membere vun der Kommissioun zesumme mat der Sécherheetsbeoptraagte vun der Gemeng de sougenannten „Contrôle technique" an den dräi Maison Relais an och am Jugendhaus maachen.

- Den 28.September selwer gëtt sur place vun 12 – 13 Auer och ee Contrôle technique gemaach. Just eng „TÜV – geprüft" Seefekëscht däerf fueren. Dës gëtt vun de „Commissaires de course" gemaach. Fir dës Leit wäert nach eng Fiche gemaach ginn déi si mussen ënnerschreiwen.

- All Persoun déi mat enger Seefekëscht fiert, muss d'Pabeieren ausfëllen, ënnerschreiwen an am „Guichet" ofginn. Hei kritt dës Persoun ee Bändchen. Nëmmen ween ee Bändchen huet, dierf och fueren!

- De Service Communciation vun der Gemeng huet am Juli eng extra Assurance fir dëst Event ugefrot.
  De selwechte Service huet och d'Leit aus der „Rue de la Mairie" iwwert d'Parksituatioun informéiert.

- Mir brauchen nach ee Cronometer an eng Tut fir de Startschoss.
- Bei engem bekanntene Sportsbuttek wäerte mir fir een „Arrivéesiwwergang“ nofroen.
- Ee Fotograf vun der Gemeng wäert laanscht kommen a Fotoe vun eisem Event maachen. Esou dass mir duerno iwwert d’Socials vun der Gemeng e Post kënne maachen.

- Een Devis bei der selwechter Firma wéi déi Bissener fir Walkie Talkies ass ugefrot.
- Et muss op der Gemeng nogefrot ginn, wéi vill Mikroen hier Museksbox wäert hunn.
- Mir wäerten een Ofschlossiesse mat deenen aneren zwou Gemenge maachen. Dëst fir hinne Merci ze soen, dass si eis sou gutt a vill bei eiser éischter Editioun ënnerstëtzt hunn.
- De Logo vun der Gemeng dierfe mir op eis Seefekëscht maachen. Dëst ass vum Schäfferot approuvéiert ginn.

- Mir wäerte fënnef verschidde Coupen hunn. Dëst sinn der zwou fir den éischten an zweete Präis fir Kategorie Kids (bis 11,99 Joer) an zwee Präisser fir d’Kategorie Open déi 12+ wäert sinn. Zudeem wäert et ee Präiss fir déi schéinste Seefekëscht ginn. Dës gëtt vun den Déifferdenger als „Externer“ neutral gewielt. All Participant wäert och eng Médaille kréien. Hei wäerte mir der nach nobestellen.

- Mir mussen op der Gemeng nofroe fir hier 1.Hëllefstrousse kënnen ze kréien.
- Sur place brauche mir och verschidden Handwierksgeschier fir Klengegkeeten ze flécken.

## 5) <u>Veräiner</u>

- Vill vun de Veräiner, esouwuel Sportsveräiner wéi och Kulturveräiner, hunn ëmmer méi Material. Dëst bréngt mat sech, dass Stockageplazen ëmmer méi knapp ginn, respektiv keng méi do ass.
- Esou stinn an der ganzer Gemeng an deene verschiddene Stocke Saachen déi säit X Joer net méi benotzt gi sinn.
- Ënnert anerem ass Demande vun engem Veräin era komm fir ee Schëffscontainer kréien. Fir een Deel vun hirem Material ass eng Plaz fonnt ginn, fir déi aner Saache wëlle mir provisoresch mat de sougenannte „Biohort Box“ schaffen.
- D’Gemeng schéckt ee Bréif un alleguerten d‘Veräiner eraus a proposéiert een Inventär respektiv och eng Raumaktioun ze maachen. Esou ka sécherlech scho Plaz geschafe ginn.

## 6) Sportleréierung

- D'Sportleréierung wäert dëst Joer net Donneschdes, de 24.Oktober stattfannen, mee Donneschdes, de 14. November.
- Esou wéi scho beschwat wäerte mir hei een neit Konzept aféieren.
- Deel 1: Déi Jonk am Alter bis zu 17 Joer inclus wäerten um 18:30 kommen a kréien traditionell hier Iwwerreechung.
- Deel 2: Déi manner Jonk (18+) komme fir 19:30/45. Hei wäerte puer Speeches gemaach ginn. Dat ganzt gëtt ee Walking Dinner an am Sënn vun enger Sportsgala opgebaut.
- Et gëtt nogefrot fir dass d'Gemeng ee Courrier un d'Veräiner mëscht andeem si engersäits wéi gewinnt hier sportlech Informatioun der Gemeng aschreiwen an anersäits hier Fotoen der Kommissioun zesummen zouloosse kommen.
- Deadline fir d'Veräiner ass hei de 15.Oktober.
- D'Kommissioun wäert Powerpoint maache mat de Fotoen, d'Gemeng këmmert sech ëm déi sportlech Informatiounen.

## 7) Nuit du Sport

- Fir d'Nuit du Sport 2025 wäert et eng Verännerung ginn. Dëst hu mir mam Schäfferot geschwat. Elo musse mir dëst zesumme mam Service Communciation ofschwätzen a wieder ausbauen.

## 8) Divers

- Den Devis fir eise sougenannten „Kommissiounslogo" ass approuvéiert. De Schäfferot huet säin Accord ginn.

## 9) Nächst Datumer

| Datum | Auerzäit | Plaz | Beschreiwung |
|---|---|---|---|
| 22.10.2024 | 19:30 | Gaston Stein | 11.Reunion |
| 15.11.2024 | 17:00 | Gaston Stein | Sportleréierung |

## 10) <u>Ënnerschrëften</u>

| | | |
|---|---|---|
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |

Mat léiwe Gréiss
Luisa Loureiro - Presidentin
Mich Weber - Sekretär